ADMINISTRATION COMMUNALE

FLAXWEILER

Flaxweiler, den 16. Oktober 2024

# Aféierung vun engem Identifikatiounssystem fir déi gro Poubellen (Reschtoffall)

Dir Dammen, Dir Hären,

D'Gemeng Fluessweiler ass duerch d'Offallgesetz vum 21. Mäerz 2012 verpflicht, de Prinzip vum Verursacherprinzip ëmzesetzen. Bei dësem Prinzip muss deenejéinegen deen d'Verschmotzung verursaacht, d'Käschte fir Ëmweltauswirkungen droen. Dëst bedeit, dass d'Käschte vun der Offallentsuergung käschtendeckend vum Verbraucher musse gedroe ginn. Dowéinst ginn deemnächst déi gro Poubellen (Reschtoffall) mat engem elektronesche Chip equipéiert. (Ident-System). Dëst erméiglecht eng genau Erfaassung vun de Vidangefrequenzen.

Déi festgestallte Vidangefrequenz vun der Poubelle gëtt zesumme mat hirer Gréisst fir d'Berechnung vun den ze verrechnende Fraise benotzt. Bei dësem Virgang gi keng perséinlech Datë gespäichert.
Jee nodeems wéi wäit een Haushalt déi verschidde Recyclingsméiglechkeeten benotzt (Glas, Pabeier, Bio-Poubelle, Valorlux-Tuten an de Ressourcë Center), huet dëst ee positiven Impakt op déi Fraise vun der groer Poubelle. Et ass dohier aus ökologescher wéi och ekonomescher Siicht avantagéis manner Hausmüll ze produzéieren.

Am Laf vun der nächster Zäit wäert de Gemengerot déi entspriechend Upassunge vun de Gemengentaxe virhuelen an d'Awunner doriwwer schrëftlech souwéi och an Informatiounsversammlungen informéieren.

Fir d'Ëmsetzung vum Projet, biede mir Iech ëm Är Coopératioun:

- **Stellt Är gro Poubelle gutt sichtbar an ëffentlech zougänglech fir den Ausrüstungsrendez-vous <u>den 22/10/24 ab 7 Auer Moies</u> op d'Grenz vun Ärem Grondstéck.**
- **Loosst déi gro Poubelle sou laang do stoen, bis Dir un der Säit déi nei, dauerhaft Poubellesétiquett gesitt, Är Poubelle ass da mat engem Chip equipéiert. Déi Chipausrüstung ka jee no Aarbechtsgang och eréischt een Dag no dem uewe genannten Ausrüstungsdatum gemaach ginn. Dueno kënnt Dir Är gro Poubelle op Ärt d'Grondstéck zrécksetzen an wéi gewinnt benotzen.**
- **Kuckt Iech w.e.g déi praktesch Informatiounen op der Récksäit vun dësem Bréif un.**

Mir soen Iech am Merci fir Är Collaboratioun.

De Schäfferot
P. RUPPERT, F. ROLLINGER, G. HEIDERSCHEID

# Aféierung vun engem Identifikatiounssystem fir déi gro Poubellen

**<u>Praktesch Informatiounen zum Oflaf vun der Ausrüstung:</u>**

D'Poubellen kënnen zu all Moment wéi gewinnt benotzt ginn. Falls et sech ëm eng méi al Poubelle handelt, kann et sinn, dass dës aus technesche Grënn géint eng Nei ausgetosch gëtt (gratis).

1. Bei der Ausrüstung gëtt de Chip ënnert dee fiichte Grëff installéiert.



2. Op der Poubelle / um Container gëtt säitlech eng Etiquette mat verschiddenen Informatiounen an engem Barcode opgepecht.

3. Soubal säitlech d'Etiquette opgepecht ginn ass, kënnt Dir Är Poubelle nees op äert d'Grondstéck stellen a benotzen.

**Wichteg:**
**Bei Froen am Zesummenhang mat der Aféierung vum Identifikatiounssystem steet Iech d'Gemengeverwaltung gären zur Verfügung.**
**Tel.-N° 77 02 04 - 1**
**E-Mail: flaxweiler@flaxweiler.lu**